



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam Tanson zu der parlamentarescher Fro n°6636 vum 8. August 2022 vun den honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER a Roy REDING iwwert Travaux d'intérêt général**

**1. Wéi vill TIG-Strofen goufen 2021 ausgeschwat? Wéi vill vun dëse Strofen goufe bis elo ganz exécutéiert?**

Am Joer 2021 goufen am Ganzen 133 TIG-Strofen ausgeschwat (107 vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg a 26 vum Bezirksgeriicht Dikrech).

Am Joer 2021 ass de SCAS mat 153 TIG-Strofen saiséiert ginn, vun deenen awer eng Rei op Decisioune vu virun 2021 baséieren.

Dovunner goufen 147 TIG-Strofen als Hauptstrof direkt vum Geriicht geschwat, a 6 sinn d'Resultat vun enger Strofwandlung („*commutation de la peine*“). Dës Strofwandlung ka vum Délégué vum Procureur général deen zoustänneg fir de Strofvollzuch ass decidéiert gi wann d'Geriicht eng Prisongstrof vu maximal 6 Méint geschwat huet.

Am Joer 2021 sinn 130 TIG-Strofe ganz exekutéiert ginn, wuelbemierkt datt dës Zuel sech net nëmmen op Geriichtdecisioune vun 2021 baséiert, mee och op Geriichtsdecisioune vun de Joere virun. Den informatesche System vun de Justizautoritéite fir d'Gestioun vun den Dossieren erlaabt et nämlech net, e Lien tëschent de Geriichtsdecisiounen an de Mandater vum SCAS fir ee präzist Joer ze maachen.

**2. Kann d'Madamm Minister präziséieren, wéi vill vun de Verurteilten zum Zäitpunkt vum Urteel mannerjähreg waren? Wéi vill vun dese mannerjährege Verurteelter hu bis elo hir TIG-Strof ganz ofgeleescht?**

**3. Leien der Madamm Minister Zuele vir, déi beleeën, wéi vill mannerjähreg Persounen d'lescht Joer wéinst Kierperverletzung zu enger TIG-Strof verurteilt goufen a wéi vill der vun hinnen hir Strofe ganz ofgeleescht hunn? Kann d'Madamm Minister präziséieren, a wéi enge Strukture si hir Strofe ofgeleescht hunn?**

Et muss virob präziséiert ginn, dass et 2 Zenarie ginn, an deenen e Mannerjährege kann zu Sozialstonne verurteilt ginn.

Vu dass Mannerjähreger duerch d'Jugendschutzgesetz am Prinzip nëmme kënnen fir hir Strofdote virun e Jugendgeriicht komme wat och nëmmen déi Mesurë spriche kann déi am Jugendschutzgesetz stinn, an d'TIG-Strofen am Code pénal ageschriwwen si, kënnen dës Mannerjähreger net zu TIG-Strofe verurteilt ginn.



Si kënnen awer vum Jugendrichter, bzw. vum Jugendgeriicht, „*prestations philanthropiques*“ ugeuerdnet kréien, déi och eng Aarbecht am Sënn vun der Allgemengheet beinhalten.

Anerersäits kënnen Mannerjäreger déi zur Zäit vun der Strofdot méi wéi 16 Joer al sinn ausnamsweis vun engem Erwuessengeriicht verurteelt gi wann eng Jugendschutzmeasure sech als inadequat géing erausstellen. An dësem Kontext kéint e Mannerjäreger also zu enger TIG-Strof verurteelt ginn.

Am Joer 2021 ass awer kee Mannerjäreger zu enger TIG-Strof verurteelt ginn.

Wat d'„*prestations philanthropiques*“ ubelaangt, goufen 2021 71 esou Mesurë vun de Jugendgeriichter ugeuerdnet (66 vum Bezirksgeriicht Lëtzebuerg a 5 vum Bezirksgeriicht zu Dikrech). De SCAS ass 2021 och mat 71 Mandater fir *prestations philanthropiques* saiséiert ginn, vun deenen awer eng Rei op Decisioune vu virun 2021 baséieren. 61 Mannerjäreger hunn hir *prestations philanthropiques* ganz ofgeleescht.

Am Joer 2021 goufen an 100 Fäll *prestations philanthropiques* wéinst Kierpverletzung gesprach. Dës Zuel ass méi grouss wéi déi vun 71, wat sech doduerch erkläert dass a verschidde Uerteeler méi wéi eng Strofdot zeréck behal gouf.

D'Mannerjäreger hunn hir *prestations philanthropiques* a sougenannten „ateliers protégés“ (APEMH, Parc Merveilleux, Betzdorf), a sozialen Epicerien, Gemengeservicer an an Altersheemer ofgeleescht.

#### **4. Wat ennerhuelen déi zoustänneg Instanzen, wann déi verurteelt Persoun sech net méi manifestéiert, wa se net méi ze errechen ass oder wa se hir Sozialarbecht net innerhalb vun der festgesater Frist ofleescht?**

De SCAS, service TIG, informéiert den Délégué vum Procureur général deen zoustänneg fir de Strofvollzuch ass, datt d'Persoun sech net méi beim Service mellt oder sech ni gemellt huet.

Dëse léisst d'Persoun bei der Police signaléieren mat der Ufro am Fall vun enger Interpellatioun vun der Persoun si dorop hinzewiesen dass si sech esou séier wéi méiglech beim SCAS melle soll.

Falls d'Persoun der Nofro net nokënnt, ka se poursuiviéiert gi, vu datt de Fait, seng TIG-Stonnen net ofzeleeschten, bzw. de Fait dës net an der festgesater Frist ofzeleeschten, eng Strofdot ass (2 Méint bis 2 Joer Prisong).

#### **5. An derselwechter Äntwert schreift d'Madamm Minister: "Néanmoins, le système informatique des autorités judiciaires ne recense pas le nombre de révocations de TIG." Aus wéi enge Grënn ginn dës Zuelen net erfaasst ?**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten ass net konzipiéiert ginn, fir all eenzel Measure, déi an engem Gerichtsossier decidéiert gëtt, z'erfaassen. Et sief awer präziséiert, dass d'Revokatioune an de jeeweiligen Dossieren agedroe ginn.



Lëtzebuerg, den 31 August 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson